Jonglënster, den 30. Januar 2025

# 14. Reunioun – Rapport

**21. Januar 2025 – Centre Culturel „Am Duerf“**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d’Présidence un d’Membere vun der Kommissioun

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 13.Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Avis Sportleréierung

- Esou wéi an der leschter Versammlung ausgemaach huet de Sekretär een éischten Draft fir den Avis zur Sportleréierung erstallt. Dëse gouf an dëser 14. Reunioun déi éischte Kéier alle Membere vun der Kommissioun presentéiert, dëst mat Hëllef vun enger Projektioun. Hei si schon éischt Remarquen a Virschléi zur Verbesserung vum Dokument komm. De Sekretär wäert dëst an der selwechter Woch schon upassen an dann Dokument (zweet Versioun) all der Kommissiounsmemberen zu Verfügung ginn, fir dass dës sech dat ganzt a Rou fir déi nächste Versammlung Ufanks Mäerz kënnen ukucken. Esou ass virgesinn, dass den Avis an der 15.Versammlung ugepasst gëtt an da finaliséiert ass.
- Am Avis geet et ënnert anerem ëm Gestaltung vun der Sportleréierung, eng méi grouss „Mise en Valeur“ zumools vun deene Jonken, d’Méiglechkeet als Veräin opzetrieden respektiv eng kleng Demo ze maachen. De genauen Avis wäert, wéi uewen erklärt, Ufanks Mäerz finaliséiert ginn.

## 5) Avis Krittären - Sportleréierung

- De Schäfferot huet virgeschloe fir d’Editioun 2025 een neit Reglement par Rapport de Krittäre vun de Präisser auszeschaffen.
- Esou wéi an der leschter Versammlung ausgemaach, an selwecht wéi fir de Punkt 4, huet de Sekretär een éischten Draft fir den Avis zu de Kritäre vun der Sportleréierung erstallt. Dëse gouf an dëser 14. Reunioun déi éischte Kéier alle Membere vun der Kommissioun presentéiert, dëst mat Hëllef vun enger Projektioun. Hei si schon éischt Remarquen a Virschléi zur Verbesserung vum Dokument komm. De Sekretär wäert dëst an der selwechter Woch schon upassen an dann Dokument (zweet Versioun) all der Kommissiounsmemberen zu Verfügung ginn, fir dass si sech dat ganzt a Rou fir déi nächste Versammlung Ufanks Mäerz kënnen ukucken. Esou ass virgesinn, dass den Avis an der 15.Versammlung ugepasst gëtt an da finaliséiert ass.
- De Moment hu mir nach keng Beispilldokumenter vun de Verdeelungsschlëssel vun deenen anere Gemengen. Dës Fro mir nach no, esou kéinte mir dëst eventuell nach mat an den Avis intégréieren.

## 6) „Nuit du Sport“

- De Schäfferot huet eis matgedeelt, dass „Nuit du Sport“ verluecht ginn ass, an dat aus dem Juni op Samschdes, de 17. Mee 2025. Dëst bedengt ënnert anerem duerch déi zwee aner grouss Evenementer am Juni, de Konschthandwierkerdeeg an dem Virowend vu Nationalfeierdag. Als Kommissioun huele mir dëst zu Kenntnis, bemierken awer, dass dëse neien Datum immens fréi an der Saison vun de Sportsveräiner läit. Dëst kéint engersäits eventuell ee Probleem fir d’Veräiner um Niveau vun de Leit sinn, déi si op der NdS an op hire Matcher bréichten. Anersäits kéinte mir eventuell ee Probleem um Niveau vun de Sportsinfrastrukzture doduerch kréien. De

Sekretär wäert dem „Service Communication et Evénements“ vun der Gemeng dës Bedenke schrëftlech per Mail matdeelen.

- D'lescht Joer hate mir no der Nuit du Sport ee Questionnaire un alleguerten déi concernéiert Veräiner geschéckt an si ëm hier Meenung iwwert d'Editioun 2024 gefrot. Dësen hate mir Ufanks Januar dëm „Service Communication et Evénement“s (SCE) weidergeschéckt. Si hunn aus dëse Proposen éischt Virschléi fir d'Editioun 2025 ausgeschafft. Merci dofir! An eiser Versammlung, hu mir dëst Dokument zesumme Punkt fir Punkt duerch gekuckt a verschidde Remarquen a Virschléi notéiert. D'Presidentin an de Sekretär wäerten dës dem SCE schécken an och froen fir sech nach Ufanks Februar mam Service ze gesinn, fir eemol zesummen iwwert alles ze goen an dee weidere Planning fir dëst wichteg Event ze erstellen.

## 7) Ëmfro Veräiner

- De Sekretär huet per Mail alleguerten d'Sportsveräiner kontaktéiert hinnen d'Ëmfro (Link), d'PDF Dokument an alleguerten d'Informatioun op deenen dräi festgeluechte Sprooche geschéckt. Desweideren sinn an der Zäitspaann bis zur Deadline Sonndes, den 19. Januar zwee Reminderen un déi concernéiert Veräiner erausgaangen.
- Bis Dënschdes hate quasi alleguerten d'Veräiner de Questionnaire ausgefëllt. Mir soen hinnen och op dëser Plaz ee ganz grousse Merci fir dës Zesummenaarbecht, déi gutt an développéiert Äntwerten déi mir kruten. Dëst hëlleft eis enorm.
- Nach dës Woch wäert de Sekretär een Dokument „Op ee Bléck“ mat alleguerten de genauen Äntwerten erstellen. Dëst ass méi liesbar wéi am Excell-Online Dokument. Desweidern huet ee Member sech bereet erklärt mat der Synthèse vun den eenzelne Froen unzefänken. Mir hu festgehalen, dass mir an engem éischte Schrëtt „Fro fir Fro“ zesummegschreiwen. An enger zweeter Etappe wäerte mir d'Saachen da ganz zesummensetzen, fir dann duerno kënnen ee gudden Avis ze schreiwen.
- De Buergermeeschter huet eis och confirméiert, dass mir dësen Avis an enger zukünteger Gemengerotssëtzung kënne virstellen an och kënnen eis Demande fir de Vote betreffend der Veröffentlechung vum Avis stellen. Dëst ass eis besonnesch wichteg, als Feedback un d'Veräiner. Esou gesinn si, wéi hir Aarbecht an hir Äntwerte vun eis weider entwéckelt gi sinn, a wat d'Resultat dovun ass.

## 8) Seefekëschterennen

- Mir kruten eng wichteg Informatioun betreffent eisem Seefekëschterennen. Dëst Joer wäert de Lënster Maart eng Woch éischter, also de Weekend vum 19. & 20. September stattfannen. D'Presidentin wäert déi aner Organisatoren am Land kontaktéieren, fir secher zestellen dass mir net zwou Coursen dee selwechten Dag hunn.

## 9) Paddle

- Esou wéi an der leschter Versammlung festgehalen, hu mir als nächste Schrëtt d'Meenung vum Schäfferot gefrot. Hei ass et net ëm déi genau Elementer, mee ëm dat Grousst Ganzt gaangen. Esou hu mir eng „positiv Äntwert“ vum Schäfferot kritt a si hunn eis och informéiert, dass si a noer Zukunft eng Entrevue mam Tennis Veräin wäerten hunn.

## 10) Interrailticket

- De Schäfferot huet der Presidentin an dem Sekretär eng éischt Propose fir eng sougenannten „Interrail-Ënnerstëtzung“ zougeschéckt. Dësen ass an der Kommissioun eng éischte Kéier de Membere virgestallt ginn. Am grousse Ganze hu mir een „Avis favorable“ ausgestallt. Zudeem hu mir awer och verschidde Froe gestallt respektiv Verbesserungsvirschléi ausgeschafft. De Sekretär wäert dës nach an der Woch vun der Kommissiounsëtzung de Membere schécken, esou dass mir de finalen Avis nach Ufanks Februar dem Schäfferot wäerte schécke kënnen.

## 11) Emailsadresse

- Mir haten eng offiziell Demande un de Schäfferot gestallt fir eng offiziell Kommissiounsmail kënnen ze kréien. Dëst well eng Weiderleedungsmail technesch leider net méiglech ass.
- Nodeems mir vum Buergermeeschter schrëftlech per Mail matgedeelt kruten, dass si dës Demande am Schäfferot wäert beschwätzen, krute mir elo eng „negativ Äntwert“. Esou wäerte mir keng Kommissiounsemail kënne kréien.

## 12) Oppen Diskussioun

- **Maskottchen**
    - An der Versammlung hu mir iwwert d'Maskottchen geschwat, dëst Thema hate mir d'lescht Joer scho kuerz diskutéiert. Esou wäerte mir nach eemol bei der Schoulkommissioun nofroen, ob si interesséiert wieren dëser Iddi nozegoen an d'Schoulkanner mat anzebannen.
    - Deweideren hu mir gekuckt wéi een Déier eventuell kéint a Fro kommen, fir hei scho kënnen besser Guidelines ze ginn. Mir wäerten an der Ëmweltkommissioun nofroen, ob et hei eventuell ee spezifesch Déier fir d'Gemeng Jonglënster gëtt.

- **Démissioun**
    - Leider huet ee Member aus der Kommissioun eis matgedeelt, dass se aus der Kommissioun wäert erausgoen, a soumat hir Démissioun géif erareechen.
    - De Sekretär wäert dës nach déi selwecht Woch un de Schäfferot an un d'Sekretariat vun der Gemeng schécken, fir dass dëst nach op den „Ordre du Jour" vum Gemengerot den 31. Januar ka kommen.

## 13) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 04.03.2025 | 19:30 | Gaston Stein | 15.Reunioun |
| 31.03.2025 | 19:30 | Gaston Stein | 16.Reunioun |
| 28.04.2025 | 19:30 | Centre Culturel | 17.Reunioun |
| 17.05.2025 | 16:00 | Op Fréinen | Lënster Sportsnuecht |
| 20.09.2025 | 09:00 | Lënster | Seefekëschterennen - TBC |

## 14) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär